# M e m o r a n d u m

D'Ligue "Ons Jongen", als Verénegong vun alle Letzeburger, de' ge'nt hire freie Wöllen an d'preisesch Armée gezwongen go'fen,

no Kenntnisnahm vun dem Gesetz iwer d'Entschiedegong vun de Krichsschieden, eso' we' et durch Majorite't vun der Chamber an hirer Session Extraordinaire vun 1948 vote'ert go'f,

**c o n s t a t e ' e r t**

dass Parteien vun der Majorite't de' Verspriechen net agele'st hun, de' si der Ligue "Ons Jongen" virun de Wahlen gin hâten,

dass d'Déportés Militaires net op gleichem Fo'ss behandelt gin mat dénen âneren Katégorien vu Geschiedegten, besonnesch wât d'Indemnisation vun der Perte de Salaire an d'Entschiedegong vun de Witfrâen ubelângt,

dass den Dédommagement vun den Aszendenten ongerechterweis gebonnen ass un eng onmoralesch Dûrftegkéts-klausel,

dass de Modus vun der Taxatio'n vum Degré d'Invalidité d'Krichsinvaliden a finanzieller Hinsicht schwe'er schiedegt, anstatt hir Situati'on ze verbesseren,

dass d'Rechter vun dénen am Ausland domicilie'erten an zwangsaberuffene jongen Letzeburger net an zefriddenstellender Art a Weis garante'ert go'fen,

**p r o t e s t e ' e r t**

op dât allerenergeschst ge'nt dât virleiend Gesetz dât d'Enrolés de Force an d'Refractairen zu Bierger drötter Klass gestempelt huet,

./.

f u e r d e r t

de' absolut Gleichberechtegong vun den Déportés Militaires mat den Déportés Civile am Sönn vun dénen durch d'Ligue "Ons Jongen" gestallten, der Chamber der Regierung an de politische Parteien iwermöttelte Fuerderongen,

d r e c k t H o f f n o n g a u s

dass de' Fuerderongen gelé'entlech vun der 2ter Lecture vum Gesetz iwer den Dommage de Guerre réalise'ert gin,an

b e s c h l e ' s s t

bis dohin all Möttelen z'ergreifen, de' hir ge'égent erschengen, fir d'Verwirklechong vun hire Fuerderongen ze secheren.

De Comité - Central.

Ligue "Ons Jongen"
Comité-Central
av. de la Porte-Neuve 9
Luxembourg



## Bericht iwer d'Sötzong vum C.C. vum 25.11.1948.

Uwiesend: Bruch, Fandel, Gremling, Felten, Hansen, Linden, Meyer, Printz, Steil, Welter, Wohlfart.

Eröffnongvun der Sötzong dûrch de Komerod Steil um 18,30 Auer.

### Ponkt 1 . Verdélong vun de Chargen.

De Komerod Bruch propose'ert d'Schâfong vun engem Triumvirat dât sech d'Präsidentschaft déle soll, an hien schle't als Memberen vun dém ze forme'erenden Gremium d'Komeroden Fandel, Steil a Wohlfart vir. D'Komeroden Fandel a Wohlfart lénen de' Solutio'n ôf, well si hirer Ansicht no net de Statuten entspröcht an och dem Wahlresultat vun der Assemblée Générale net gerecht get. Si propose'eren, d'Chargen no der Stömmenzuel vun alle énzele Member vum C.C. ze verdélen. En anere Virschlag d'Présidentschaft all Mo'nt engem anere Member vum C.C. z'iwerdroen, get vum C.C. ôfgelént. Den Zentraleomité spröcht sech an senger Majorite't fir de Virschlag vun de Komeroden Fandel a Wohlfart aus.

Eng Propositio'n vum Komerod Linden, bei der Répartitio'n vun de Chargen geheim ôfzestömmen, get ôfgelént.

a) Wahl vum Président.
Kandidaten: Arthur Steil, Jean Gremling.
De Komerod Gremling get gewielt mat 6 Stömmen, ge'nt 3 Stömmen fir de Komerod Steil, bei 2 Enthalongen.

b) Wahl vum Vize-Président.
Kandidat: Robert Bruch, gewielt mat 10 Stömmen, bei 1 Enthalong.

c) Wahl vum Secrétaire Général.
Kandidaten: Arthur Steil, Romain Fandel.
De Komerod Fandel get gewielt mat 6 Stömmen, ge'nt 3 fir de Komerod Steil, bei 2 Enthalongen.

d) Wahl vum Trésorier Général.
Arthur Steil, gewielt mat 7 Stömmen.

e) Wahl vum 1. Secrétaire-adjoint
Kandidaten: Jos. Wohlfart. J.P. Linden.
De Komerod Wohlfart get mat 7 Stömme gewielt, ge'nt 1 fir de Komerod Linden, bei 3 Enthalongen.

f) Wahl vum 2. Secrétaire-adjoint.
Kandidaten: J.P. Linden, Robert Printz.
De Komerod Linden get gewielt mat 5 Stömmon, ge'nt 4 fir de Komerod Printz, bei 2 Enthalongen.

g) Wahl vum 1. Trésorier-adjoint.
Kandidaten: Alfred Welter, Robert Printz.
De Komerod Welter get gewielt mat 8 Stömmen, ge'nt 1 fir de Komerod Printz, bei 2 Enthalongen.

h) 2. Trésorier-adjoint.
Kandidaten: Frankie Hansen, Robert Printz.
De Komerod Hansen get gewielt mat 5 Stömmen, ge'nt 4 fir de Komerod Printz, bei 2 Enthalongen.

j) Membres-assesseurs.
1. Membre -assesseur: Robert Printz
2. Membre-assesseur: Eugène Felten.
3. Membre-assesseur: Paul Meyer.

Ponkt 2. Constitutio'n vum Redactio'nscomité.
---

De Rédactio'nscomité get zesummengesât we' follegt: Robert Bruch, J.P. Linden, Jean Gremling.

Den Zentralcomité appelle'ert u sämtlech Sectio'nen , de: Redactio'n vun der Zeidong Berichter zo zeschecken iwer d'Aktivite' vun hire Sectio'nen. An onser Zeidong soll de Sectio'n eng Extrasei zo' dem Zweck réserve'ert gin. Den C.C. profite'ert vun déer Geléenhét, fir all ons Memberen opzefuerderen, am Intérêt vun der Ligue so'vill we' me'glech fir ons Zeidong ze werben, fir dass ons Idéale: an all Schichten vun der Populatio'n eragedro'e könne gin.

Ponkt 3. Secret vun den Délibératio'nen.
---

Sämtlech Memberen engage'ren sech schröftlech an op E're-wuert, de Secret vun den Délibératio'nen ze wahren an a kenger Parteizeidong den Numm vun "Ons Jongen" zu politeschen Zwecker ze mössbrauchen oder mössbrauchen ze lössen.

Schluss vun der Sötzong um 20.30 Auer.

De Secrétaire Général,

Romain Fandel.

Bericht iwer d'Sötzong vum C.C. vum 2. Dezember 1948.

Uwiesend: Gremling, Bruch, Fandel, Wohlfart, Welter, Hansen, Meyer.
Ofwiesend: Steil, Linden, Printz, Felten.

Eröffnong vun der Sötzung durch de Président J. Gremling um 18,45 Auer.

Ponkt 1. Demissio'n Arthur Steil.

De Komorod A. Steil önnerbrèt dem C.C. aus Gesondhétsrücksichten schröftlech seng Demission als Member vum Comité-Central Den C.C. höllt Demissio'n vum Här Steil un a sét him Merci vir de Dengschter, de' hien der Ligue geléscht huet. De Komerod Welter get charge'ert bis zur Wahl vum neien Trésorier-Général d'Caisse z'iwerhuelen. De Komorod Wintringer soll als nächstfolgende Kandidat de Komorod Steil provisoresch am Zentralcomité ersetzen.

Ponkt 2. Remercimentsacti'on Sectio'n Dahl.

De Kom. Hansen get charge'ert, den C.C. op der Remercimentsactio'n vun der Sectio'n Duel den 12.12.1948 ze représente'eren.

Ponkt 3. Jugendproblemen.

Den C.C. décide'ert op Propositio'n vum Komerod Gremling an Zukonft an onser Zeidong zu allen aktuelle Jugendproblemen Stellong ze huelen, eso' weit we' de' Froen ké politesche Cachet hun.

Ponkt 4. Entrevuen Dupong/Osch

Op Virschlag vun de Komeroden Fandel a Wohlfart décide'ert den C.C. eng Audienz bei den Hère Ministeren Dupong an Osch unzefroen, fir hinnen ons Doléancen iwer de Placement vun de Krichsinvaliden an iwer d'Prohesebe-liwerong vun onse mutile'erte Komeroden z'önnerbréden. Den C.C. beschle'sst weider, de 2 Bre'wer vun der Ligue un de' resp. Ministeren an hirem volle Wuertlaut an onser Zeidong ze publize'eren. D'Delegatio'n vum C.C. bei dénen 2 Audienzen setzt sech zesumme we' follegt: Gremling, Bruch, Fandel, Wohlfart, Linden.

Ponkt 5. Korrespondenz, Verschiddenes.

De Comité Central höllt Konntnes vu verschiddene Caisseberichten (Vianden, Dudelange, Feulen.

Dem C.C. fâsst de Beschloss, de' Résekeschten ze rembourse'eren, de' dem Kom. Printz geléentlech vun der Propagandaversammlong vun der Sectio'n Miersch entstanen sin.

Den C.C. höllt Stellong zu engem Artikel, dén am leschte "Rappel" erschengen ass, Well an dém betr. Artikel verschidden Ugröffer ge'nt "Ons Jongen" geričht woren, get de Kom. Bruch beoptragt zo'

dém Artikel eng Rectificatio'n an der nexter Zeitong vun "Ons Jongen" ze brengen.

Den Ordre du Jour vun der nexter Sötzong get fixe'ert we' follegt: a) Korrespondenz, b) Verschiddenes, c) Diskussio'n iwer d'Gesetz vum Dommage de Guerre.

Schluss vun der Sötzong um 19,45 Auer.

De Président:
Jean Gremling.

De Secrétaire Général:
Romain Fandel.

---

Bericht iwer d'Sötzong vum C.C. vum 9.12.1948.

---

Uwiesend: Gremling, Bruch, Fandel, Wohlfart, Linden, Wintringer, Welter, Hansen, Printz,
Ofwiesend: Meyer.

Eröffnong vun der Sötzong dûrch de Président Jean Gremling um 18.50h.

Ponkt 1. Verschiddenes.

De Président konstate'ert aganks vun der Sötzong, dass verschidde Memberen vum C.C. hirt schröftlecht Engagement, de Secret iwer d'Déliberatio'nen vum C.C. ze wahren, net respekte'ert hun.

Eng Propositio'n Jean Gremling, de Kom. Steil zum E'ereprésident vun der Ligue ze mâchen, get als net vorénbar mat onse Statuten an aus Opportunite'tsgrönn sine die vertagt.

Ponkt 2. Wahl vum Trésorier Général.

Kandidaten: Jules Wintringer an Alfred Welter. De Kom. Wintringer get gewielt mat 5 Stömmen ge'nt 4 Stömmen fir de Kom. Welter, bei 1 Enthalong.

Ponkt 3. Compositio'n vum neien C.C.

Op Virschlag vum Kom. Fandel beschle'sst den C.C., der "Meuse" eng schröftlech Rectificatio'n zo'kommen ze lôssen, well do' Zeitong geschriwen hât. de Kom. Steil wär bei der leschte Wahlen vum C.C. net erömgewielt gin. Bei deser Geléenhèt décide'ert den C.C. weider, der Tagespress do'nei Zesummesötzong vum C.C. matzedèlen.

Ponkt 4. Fait personnel Meyer/Wohlfart.

Den C.C. hölt Kenntnes vun engem perso'nlche Streitfall teschent de Komeroden Meyer an Wohlfart, dén dûrch de Komerod Meyer eropbeschwuer gi wor. De' 2 Komroden si borêt, dé Fall beizeléen, so'bal de Kom. Meyer â l'appui vun senge Behâptongen, de'de Kom. Wohlfart als injurieuses considére'ert, de'no'twonneg schröftlech Beleger brengo kann.

Ponkt 5. Sectio'nen.

Eng Ugeléonhèt vun der Sectio'n Merscheid betr. Plaquettsverdélong soll durch de Kom. Wohlfart op perse'nlechem Wé erlédegt gin.

Schluss vun der Sötzong um 20,15 Auer.

De Président:
Jean Gremling.

De Secrétaire Général:
Romain Fandel.

Bericht iwert C.C. Sötzong vum 28.1.49.

Uwiesend: Gremling, Wohlfart, Hansen, Wintringer, Welter a Linden.

Ofwiesend: entschöllegt, Bruch, Fandel a Printz
net entschöllegt, Felten a Meyer

Ufank vun der Sötzong : 6,4o Auer

---

1. Korrespondenz.

Den C.C. hât virun enger Zeitchen matgedélt kritt bei der Remerciementsactio'n zo' Gro'sbous wär d'Familjen Pletschette vergiess gin. Den C.C. huet sech dun mât der betreffender Sectio'n a Verbindong gesât, an elo leit e Bre'f vir vum Kom.Hahn dén matd élt neischt vun desem Fall ze wössen zenol d'Famill Pleschette vu Grevels ass, an Grevels net zur Sectio'n Gro'sbous gehe'ert. De Kom. Hansen vum C.C. get dofir beoptragt dese Fall perse'nlech ze önnersichen.

2. Zeidong.

Op Ufrô vum Kom.Gremling hin, get d'Ausbezuelen vun den Matarbechter vun der Zeidong önnersicht an nei festgesât.

Weider wönscht de Kom.Gremling, dât all de' Sâchen de' d'Ligue selwer ugin, me'glechst vill Plâtz an der Zeidong ageraumt kre'en.

De Kom. Linden schle't dann vir, de Jongen de'ander Arme' sin, och nés an eiser Zeidong eng Seit opzemâchen, fir dat se selwer Intresse dru kre'en eis Zeidong ze liesen. Och fir d'Jeunesse Fédéraliste, an fir d'Jeunesse Musicale könnt regelmässeg eng Plâtz ageraumt gin, so'we' et iwregens schons bis elo a verschiddenen Zeidongen wâr.

Weider soll all Sötzongbericht als Résumé an d'Zeidong kommen. De Kom.Linden get beoptragt, dé Résumé'en vun all Sötzong ze mâchen. Säntlech Propositio'nen iwert d'Zeidong, gin vum C.C. éstömmeg ugeholl.

3. Carte de Priorité

Well bis haut iwert d'Carte de Priorité nach weider neischt bekannt ass, we' dat d'Gesetz vun der Chamber vote'ert gin ass, beschle'sst den C.C. op de Virschlag vum Kom.Wohlfart hin, eng Entrevue beim Innenminister Schaus unzefroen. Den C.C. ge'ng do öm Opschloss bieden we'ni dat d'Ausfe'erong vum Gesetz envisage'ert ass.

4. Dommage de Guerre.

De Kom.Wohlfart verlangt eng Stellongnahm vum C.C. zo'm Krichsschuedegesetz. Des Stellongnahm soll als Memorandum un säntlech Députe'ert un de Conseil d'Etat d'Regierong. Den C.C. beschle'sst, dese Ponkt an der nexter Sötzong ze behandelen.

5. Ordre du Jour fir de' nächst Sötzong.

1. Reorganisatio'n vun den Sectio'nen an Opklärongsversammlongen
2. Diskussio' iwert d'Krichsschiedegesetz.

Schluss vun der Sötzong: 8,1o Auer

O.J.

Bericht iwer d'Sötzong vum C.C. vum 14.12.1948.

Uwiesend: Fandel,Wintringer,Linden,Welter,Hansen,Printz.

Ofwiesend: Gremling,Wohlfart,Bruch,Felten,Meyer,all entschöllegt.
Eröffnong vun der Sötzong dûrch de Generalsekretär Romain Fandel um 19 Auer.

Korrespondenz.

De Secrétaire Général get dem C.C.Konntnes vun der Korrespondenz,de'hien am Numm an am Optrag vun "Ons Jongen" erlédegt huet. D'Korrespondenz get éstömmeg approuve'ert.

Schluss vun der Sötzong um 2o Auer.

De Secrétaire Général:
Romain Fandel.

---

Bericht iwer d'Sötzong vum C.C. vum 2.Februar1949.

Uwiesend: Gremling,Fandel,Wohlfart,Linden,Wintringer,Welter,Hansen,
Absents: Bruch,Printz,Felten,Meyer.

Eröffnong vun der Sötzong dûrch de Président Jean Gremling um 19 Auer.

Ponkt. 1.Caisse.

Den C.C. décide'ert éstömmeg,de Komeroden Gremling a Wintringer Pro Cura ze gin an der Plâtz vun de Komeroden Steil a Bochet.

Ponkt 2. Korrespondenz.

De Secrétaire Général get dem C.C. Kenntnes vum Kônnegongsschreiwen vum C.C. un den Employé Albert Bochet.D'Komeroden Wintringer a Linden formule'eren hir Réserven,de'vun dem C.C. als net fonde'ert considére'ert gin.

Ponkt 3. Commission du Rapatriement.

Den C.C. bestätegt mat alle Stömmen de Mandat vum Kom.Steil an déer dûrch d'Regierong ernannter Commission du Rapatriement.De Kom. Steil soll dem C.C. vun Zeit zu Zeit é Rapport ôfléen iwer d'Aktivite't vun déer betr.Commissio'n.

Ponkt 4.Stellongnahm zum Gesetz iwer den Dommage de Guerre.

---

De Secrétaire Général höllt am Numm vum C.C. Stellong zum Gesetz iwer den Dommage de Guerre,eso'we'et dûrch d'Chamber an zwéter Liesong verabschied go'f.

D'Ligue "Ons Jongen" stellt fest.

dass d'Gleichberechtegong vun de Militär-mat den Zivildeporte'erten net an d'Réalite't ömegesat gin ass,besonnesch wât d'Perte de salaire an d'Witwerenten ubelângt,

dass d'Fuerderongen vun dénen am Ausland wunnende jonge Letzeburger nömmen délweis erföllt go'fen,

dass d'Situatio'n vun onse Krichsinvaliden,de'engerseits verbessert gin ass dûrch d'Erhe'gong vun de Rentebasen,anererseits bedeitend verschlechtert gin ass dûrch de' Gesetzesklausel,geme'ss déer den Degré d'invalidité net me' no allgemeng Richtlinien festgesât get, sonnern no dén wirtschaftlechen Tätegkètsfeld,wât all énzele Mutile'erten nach opstèt.D'Ligue "Ons Jongen" Stellt fest,dass dûrch d'Verschiddenhèt vun de Rentebeträg an all énzele Fall d'Dir opgemâch get zo'der rengster Willkür an dass d'Solidarite't vun déne Geschiedegten zerste'ert get.

D'ligue "Ons Jongen" stellt weider fest,dass bei den Hannerbliwenenrenten ge'nt all Recht d'Dürftegkètsklausel weider ugewandt get,zum Nodèl vun der Majorite't vun de Geschiedegten.

De Secrétaire Général bied den C.C. de' Fuerderongen oprecht z'erhalen,fir de' d'Ligue "Ons Jongen" 4 Joer bataille'ert huet,an hien erönnert un d'Wieder vum fre'ere Président A.Steil,dén eng Protestmanifestatio'n gefuerdert huet,falls d'Fuerderongen vun der Ligue net erföllt gengen.

Den C.C. huet Kenntnes dervu geholl,dass énzeg an elleng d'Sozialisten,d'Kommunisten an de' Onôfhängeg Sozialisten dât Verspriechen agele'st,hun,dât si der Ligue virun de Wahlen gin hâten; während de' Chreschtlech-Sozial Vollekspartei an och de Groupement trotz sengem formelle Verspriechen ge'nt d'Fuerderongen vun "Ons Jongen" gestömmt hun.Den C.C. böllegt éstömmeg dé Protest,dén d'Elterenassociatio'n un d'Chamber an un d'Regierong geschéckt huet.

Den C.C. erklärt sech op d'Fro vum Kom.Wohlfart éstömmeg d'accord mat de Fuerderongen vun der Ligue .An der Questio'n vun den Hannerbliwenerenten verlângt den C.C. dass den Aszendenten an alle Fäll de gesetzlechen Existenzminimum garante'ert get.

De Secrétaire Général propose'ert de' energeschst Mesuren z'ergreifen,fir ge'nt de' Violatio'n vun de Rechter vun de Refractairen a Militärdeporte'erten ze proteste'eren.De Kom.Bruch get charge'ert, an der nexter Nummer vun "Ons Jongen" d'Stellongnahm vum C.C. zur Krichsschiedefro ze publize'eren,mat den Nimm vun den Depute'erten,de' fir "Ons Jongen",a mat den Nimm vun dénen,de' ge'nt "Ons Jongen" gestömmt hun.

d'Fro vun der Perte de salaire soll an der nexter Sötzong diskute'ert gin.

Schluss vun der Sötzong um 21,30. Auer

| | |
|---|---|
| De Président: | De Secrétaire Général: |
| Jean Gremling. | Romain Fandel. |

° ° ° ° ° ° ° ° ° ° ° ° ° ° ° °

Bericht iwer d'Sötzong vum C.C. vum 7.2.1949.

<u>Uwiesend:</u> Gremling, Fandel,Wohlfart,Linden,Wintringer,Welter,Hansen.

<u>Ofwiesend:</u> Bruch,Printz,Felten,Meyer.

Eröffnong vun der Sötzong dûrch de Président Jean Gremling um 19 Auer.

Ponkt 1. Entrevue Ligue "Ons Jongen" / Minister Schaus.

De Secrétaire Général get é Bericht iwer d'Entrevue,de'hien mat dem Hèr Minister Schaus an der Fro vun der Carte de Priorité hat, De Bericht soll an der nexter Zeitong vun "Ons Jongen" publize'ert gin.

Ponkt 2. Ons Zeidong.

De Komerod Marcel Schergen weist op de' ongönschteg finanziell Situatio'n vun onser Zeidong hin,de' häptsächlech op é Mangel un Annoncen zreckzefe'eren ass. Fir dém Zo'stand opzehöllefen,décide'ert Den C.C. dûrch d'Tagespress én Annoncensammler sichen ze lôssen.

De Kom. Schergen beschwe'ert sech weider iwer d'Verhalen vun engem stännege Collaborateur vun onser Zeidong,dén sech dem Employé vis-à-vis an ôffällege Wierder geäussert huet iwer é fre'eren Member vun onsem Personnel administratif an iwer d'Administratio'n vun "Ons Jongen".Den C.C. décide'ert,op d'Dengschter vun dém betr.Collaborateur ze verzichten an him de' Décisio'n perse'nlech matzedélen. Den C.C. approuve'ert an dém Zesummenhank eng Propositio'n,dese spezielle Fall dûrch eng Commission d'enquête vun 2 Memberen önnersichen ze lôssen.

Ponkt 3. Stellongnahm zum Gesetz iwer den Dommage de Guerre.

Den C.C. beschle'sst éstönneg,och an der Fro vun der Perte de salaire d'absolut Gleichberechtegong vun den Déportés Militaires mat den Déportés civils ze fuederen.De Secrétaire Général get charge'ert, iwer Fro'vum Dommage de Guerre é Memorandum auszeschaffen,dén am Läf vun der nexter Sötzong der Appréciatio'n vum C.C. önnerbrét soll gin. Den C.C. fâsst ôfschle'ssend de Beschloss,an der nexter Sötzong de' Mesuren ze diskute'eren,de'hien z'ergreife gesönnt ass, fir d'fuederongen vun der Ligue dûrchzesetzen.

Schluss vun der Sötzong um 20,15 Auer.

| | |
|---|---|
| De Président: | De Secrétaire Général: |
| Jean Gremling. | Romain Fandel. |